N°3818
Entrée le 16.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3818 vum 20. Mäerz 2026 vum honorabelen Deputéierten Här Mars Di Bartolomeo.**

- *Wéi dës Zuelen fir 2025 ausgesinn?*

Fir d'Joer 2025 gesinn d'Zuele vun den ausgestallten "autorisations d'exercer" follgendermoossen aus:

| **Qualifikatioun** | **2025** | **2024** | **2023** | **2022** | **2021** | **2020** | **2019** | **2018** |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Apdikter | 49 | 54 | 50 | 59 | 46 | 33 | 48 | 36 |
| Psychotherapeut | 23 | 24 | 34 | 13 | 26 | 18 | 84 | 117 |
| Dokter | 504 | 369 | 446 | 369 | 355 | 323 | 297 | 325 |
| Gesondheets-professionellen | 2186 | 2594 | 1993 | 2338 | 2440 | 2383 | 2379 | 1874 |
| **Total** | **2762** | **3041** | **2523** | **2779** | **2867** | **2757** | **2808** | **2352** |

*Quell: Datebank vum Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet*

- *Wéi vill vun deenen Demandeuren, déi zanter 2018 eng Geneemegung kruten, schaffen effektiv zu Lëtzebuerg?*

Momentan erlaben d'Donnéeën eis et net erauszefilteren ab wéini en eenzelen Demandeur effektiv aktiv ass. De Projet "Réforme du registre des professionnels de santé", deen an der Finalisatiounsphase ass, wäert an Zukunft erlaben sou eng Auswäertung ze maachen. An dësem Kader verweise mir och op dem Observatoire de la santé seng Série Factsheets[1] déi scho fir verschidde Professionnels de santé de Parcours d'activité beliichten.

Zousätzlech gëtt den Tableau hei ënnen d'Evolutioun vun der gesamt Unzuel vun effektiv praktizéierende Persounen. An de leschte 7 Joer ass d'Unzuel vun de praktizéierende Persounen déi zu Lëtzebuerg am Gesondheetssecteur hire Job ausüben[2], em 27,1% geklommen. Déi héchsten Entwécklung verzeechnen d'Psychotherapeuten, deenen hir Unzuel em 82,3% geklommen ass. D'Unzuel vun den Dokteren ass em 29,5% geklommen, déi vun de Gesondheetsprofessionnellen em 26,4% an déi vun den Apdikter em 14,6%.

| **Qualifikatioun** | **2024** | **2023** | **2022** | **2021** | **2020** | **2019** | **2018** |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Apdikter | 582 | 576 | 561 | 546 | 527 | 532 | 508 |
| Psychotherapeut | 361 | 342 | 207 | 207 | 210 | 208 | 198 |
| Dokter | 3 572 | 3 444 | 3 280 | 3 129 | 3 007 | 2 900 | 2 759 |
| Gesondheets-professionellen | 20 294 | 19 708 | 19 063 | 18 254 | 17 471 | 16 899 | 16 058 |
| **Total** | **24 809** | **24 070** | **23 111** | **22 136** | **21 215** | **20 539** | **19 523** |

[1] Observatoire de la santé - Factsheets présentant un aperçu chiffré des professionnels de la santé au Luxembourg.

[2] Den Term « praktizéieren » am Kontext vun dëser Äntwert op d'parlamentaresch Fro entsprécht der Methodologie, déi am thematesche Bericht vum Gesondheetsobservatoire presentéiert gouf, mam Titel « Les professionnels de la santé au Luxembourg: un modèle d'évaluation quantitative ».

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

*Quell: Datebank vun der sozialer Sécherheet, Berechnung IGSS*

Eng Persoun gëtt als praktizéierend gezielt wa sie fir dee Beruff eng Autorisation d'exercice vum Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet ausgestallt krut an och effektiv liberal oder bei engem Employeur aus dem Gesondheetssecteur oder bei engem Employeur aus engem anere Secteur zu Lëtzebuerg hire Job ausüübt.

Lëtzebuerg, den 16. Abrëll 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez